

Question écrite n°1076 - Sujet : Droit de visite dans le cas d'un divorce

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice
Date limite de réponse à la question : 21-05-2015


Evènement(s) :

Date	Description	Liens
21-04-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
07-05-2015	Réponse écrite de Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice	Document écrit de la réponse

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter huet den 13. Dezember 2013 am Fall Nicolo Santilli géint Italien dat Land veruerteelt well et den Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun verletz hat. Et ass hei konkret em e Fall gaang wou, an enger Scheedungssituatioun, e Papp säi Besuchsrecht wéinst dem Behuele vun der Mamm bal net konnt ausüben, an dat obschonns e puer Décisiounen vu Geriichter zu senger Gonschte virlouchen. D'Mamm hat och probéiert d'Kand géint de Papp opzestëppelen.

D'Geriicht huet ënnerstrach, datt e Staat och « obligations positives inhérentes à un respect effectif de la vie privée ou familiale » huet an huet déi Tatsaach a sengem Uerteel ëmfaassend interpretéiert. E Staat däerf net zouloossen, datt sech eng Situatioun astellt déi Décisiounen vu Geriichter onwierksam mécht.

« 75. Les autorités ont ainsi laissé se consolider une situation de fait installée au mépris des décisions judiciaires, alors même que l'écoulement du temps avait à lui seul des conséquences sur la relation du père avec son enfant (Lombardo, précité, § 92). La Cour constate que l'existence de tensions graves entre les parents de l'enfant, suivie d'un droit de visite limité du fait du non-déroulement des rencontres programmées selon les modalités prévues et de la non-exécution des décisions ordonnant un parcours thérapeutique pour l'enfant, a rendu impossible pour le requérant la construction d'une relation stable avec Y.

76. Eu égard à ce qui précède et nonobstant la marge d'appréciation de l'État défendeur en la matière, la Cour considère que les autorités nationales n'ont pas déployé les efforts adéquats et suffisants pour faire respecter le droit de visite du requérant et qu'elles ont méconnu le droit de l'intéressé au respect de sa vie familiale garanti par l'article 8 de la Convention.

77. Partant il y a eu violation de cette disposition. »

Dowéinst wollt ech dem Här Justizminister dës Fro stellen:

1. Ass den Här Justizminister der Meenung, datt dëst Uerteel Inzidenzen op d'Ausübung vum Besuchsrecht hei zu Lëtzebuerg huet? Wa jo, wat fir eng?

2. Ass den Här Minister bereet scho kuerzfristeg rechtlech Moossnahmen ze huelen respektiv ze proposéieren fir d'Ausübung vum Besuchsrecht zu Lëtzebuerg besser ze garantéieren a Behënnerungen vum Besuchsrecht efficace ze sanktionéieren?
3. Ass den Här Minister bereet, sou wéi den Artikel 19 vum „Code d’Instruction criminelle“ et virgesäit, de Parquet opzefuerderen Fäll vun „non-représentation d’enfant“ direkt a systematesch ze verfollegen an dat am Interessi vum Kand an am Respekt vun de Mënscherechter vun dem Elterendeel den d’Garde net huet?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a series of fluid, connected strokes that form a stylized name.

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 07.05.2015
N. Réf. QP-18/15



Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Concerne : *Question parlementaire n°1076 du 21 avril 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER*

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse de mon département à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Félix BRAZ
Ministre de la Justice

Réponse de Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire n°1076 de l'honorable député Fernand KARTHEISER.

1) Wat déi éischt Fro iwwert eventuell Inzidenzen vum Uerteel *Nicolo Santilli c/ Italien* vum 17.12.2013 op d'Ausübung vum Besuchsrecht zu Lëtzebuerg betrëfft, muss een feststellen dass dat Uerteel keen Revirement vun der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter ass. Dëst Uerteel ass vergläichbar mat eng ganzer Rei vun Décisionen déi an dëser Matière vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter geholl ginn sinn. Dëst Uerteel wäert deemno këng direkt praktesch Repercussion op d'Ausübung vum Besuchsrecht zu Lëtzebuerg hunn.

2) Wei den honorabelen Här Deputéierten weess, schafft den Justizministère un enger fundamentaler Reform vum Familljerecht. An dësem Kader ginn och Iwwerleeungen gemaach wei een déi schwierig Fäll vun Verletzung vum Besuchsrecht verhënnere kann oder awer wei een méi schnell eng Léisung fënnt fir sécherzestellen dass den Kontakt vum Kand zu béiden Elterendeeler och no enger Trennung bestoen bleift.

Den Justizminister weist awer och dorop hin dass et aktuell schonn Méiglechkeeten ginn fir géint eng Verletzung vum Besuchsrecht virzegoen, sief et dass een eng nei Décision beim Jugendriichter, respektiv dem Vormundschaftsriichter, iwwert d'Attribution vum Suergerecht oder Besuchsrecht freet, sief et dass een de Jugendriichter mat der Situatioun vun engem Kand befaasst dat ënnert dem Konflikt vun sengen Elteren leid oder dass een eng Plainte weinst non-représentation d'enfant (Artikel 371-1 vum Strofgesetzbuch) déposéiert.

Laut dem Europäeschen Geriichtshaff fir Mënscherechter muss de Staat alles maachen fir ze verhënnere dass den Kontakt zwëschen engem Kand an engem Elterendeel ofbrécht, mee et ginn awer och Fäll wou de Staat esou Situatiounen net verhënnere kann, an dat ouni dass den Staat Schold dorin huet. Esou huët den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter och am Uerteel *Nicolo Santilli c/ Italien* rappéléiert:

"67. La Cour rappelle que le fait que les efforts des autorités ont été vains ne mène pas automatiquement à la conclusion que l'Etat a manqué aux obligations positives qui découlent pour lui de l'article 8 de la Convention (voir, mutatis mutandis, Milhailowa, précité, § 82). En effet, l'obligation pour les autorités nationales de prendre des mesures afin de réunir l'enfant et le parent avec lequel il ne vit pas n'est pas absolue, et la compréhension et la coopération de l'ensemble des personnes concernées constituent toujours un Facteur important. Si les autorités nationales doivent s'efforcer de faciliter pareille collaboration, une obligation pour elles de recourir à la coercition en la matière ne saurait être que limitée; il leur faut tenir compte des intérêts et des droits et libertés de ces mêmes personnes, et, notamment, des intérêts supérieurs de l'enfant et des droits que lui confère l'article 8 de la Convention (Volesky c. République tchèque, n° 63267/00, § 118, 29 juin 2004). Comme la Jurisprudence de la Cour le reconnaît de manière constante, la plus grande prudence s'impose lorsqu'il s'agit de recourir à la coercition en ce domaine délicat (Reigado Ramos c. Portugal, n° 73229/01, § 53, 22 novembre 2005) et l'article 8 de la Convention ne saurait autoriser le parent à faire prendre des mesures préjudiciables à la santé et au Développement de

l'enfant (Elshölz c. Allemagne [GC], n° 25735/94, §§ 49-50, CEDH 2000-VIII). Le point décisif consiste donc à savoir si les autorités nationales ont pris, pour faciliter les visites, toutes les mesures nécessaires que l'on pouvait raisonnablement exiger d'elles (Nuuntinen c. Finlande, n° 32842/96, § 128, CEDH 2000-VIII)".

3) Wat déi drëtt Fro ugeet, do ënnersträicht den Justizminister dass hien völlt Vertrauen an d'Aarbecht vun den zwee Parqueten.

Iwwert den Traitement vum Parquet am Kader vun den Plainten weinst "non-représentation d'enfant" verweist den Justizminister och nach op seng Antwort op d'question parlementaire no 230 vu 23. Abrëll 2014 vum honörabelen Här Deputéierten:

"Déi meescht Plainten weinst der Verletzung vum Besuchsrecht ginn an den éischten Méint vun der Trennung vun den Elteren déposéiert, d.h. an enger Phase an der d'Elteren oft nach a Konflikt sinn a Schwierigkeiten hunn sech mat der Trennung an den Konsequenzen dovun ofzefannen.

Dat féiert dozou dass:

- An enger kuerzer Zäitspan déi selwecht Elteren vill Plainten kënnen déposéieren,
- Oft Plainten déposéiert ginn well deen een Elterendeel d'Kanner ze spët ofliwwert oder well d'Urteeler falsch interpretéiert ginn an esou Mëssverständnisser entstinn.

D'Plainten ginn den Elteren an dem Sujet no regroupéiert sou dass en regelmässegen Suivi vum Werdegang vun der Situatioun vun der Koppel kann gemaach ginn.

Vu que dass esou Affairen och nach vun aneren Instanzen behandelt ginn wéi zum Beispill dem Scheedungsrichter oder dem Vormundschaftsrichter, an den Elteren Méiglechkeeten vun enger sozialer Betreuung (Service Treffpunkt, Médiatioun) zur Verfügung gestallt gëtt, ass et meeschtens net néideg op eng stroferechtlech Interventioun zréck ze gräifen. Déi meescht Elteren fannen no enger éischer konfliktueller Phase en Modus Vivendi, deen awer weider hin vun den Geriichter a vum Parquet suivéiert gëtt".